Société Chorale Royale Grand-Ducale

SANG & KLANG a.s.b.l.

LUXEMBOURG – PFAFFENTHAL

Lëtzebuerg - Pafendall, 16. Februar 2022

INVITATIOUN

Léif Memberen,

Ons gewéinlech Generalversammlung vum Sang a Klang, gëtt dëst Joer ofgehalen,

Donneschdes, den 03. Mäerz 2022 em 19h30

All eis Memberen sinn häerzlech invitéiert. Mir freeën eis, Iech iwwer ons Aktivitéiten a Perspektiven ze informéieren.

Wéinst der aktueller Situatioun ass et leider net méiglech eng Generalversammlung an eisem Sall mat physescher Präsens ofzehalen, an duerfir huet de Comité decidéiert eng Online Versammlung iwwer d'Plattform JITSI ofzehalen, wou eis Memberen häerzlechst invitéiert sinn, fir deelzehuelen a mat ofzestëmmen.

Hei ass de Link fir den **03.03.** em **19h30** unzeklicken: **https://meet.jit.si/AGOSangaKlang**

Fir déi Memberen, déi léiwer traditionell per Post ofstëmmen, hu mir e Formulaire bäigeluecht, wou Dir kënnt déi verschidde Punkten ukräizen, an op dësem Wee Är Stëmm ofginn.
Dee Formulaire ass **bis spéitstens den 28. Februar 2022** mat der Post op eis Adress zeréckzeschécken:

Société Chorale Royale Grand-Ducale
Sang & Klang a.s.b.l.
1, rue des Trois Glands
L-1629 Luxembourg

Am Fall wou Dir gären online un der Generalversammlung deelhuelt, schéckt eis w.e.g. är E-Mail Adress, op steimes@pt.lu, an Dir kritt dann de LINK geschéckt, fir de 03.03.22 um 19h30 online derbäi ze sinn.

Dagesuerdnung:

- *Begréissung vun eisem Président Carlo Steimes*
- *Aktivitéitsrapport vum Sekretär Petz Schaack*
- *Aktivitéitsrapport vum Dirigent Pit Vinandy*
- *Keeserapport vun der Tresorière Christiane Kalmes*
- *Rapport vun de Keeserevisoren an Approbatioun*
- *Decharge vum Comité*
- *Neiwielen vum Comité a vun de Keeserevisoren*
- *Gestioun vum Sall mam Mike Besch*
- *Musikaleschen Ausbléck op 2022 an Preparatiounen fir 3 Feierlechkeeten*
- *Allgemenge Meenungsaustausch*

Iwwerweist w.e.g. de Beitrag vun 2022 op eis Kontosnummer bei der BGL

IBAN LU72 0030 2524 7619 0000

De Sekretär
Petz Schaack

De Président
Carlo Steimes